N° 6670
Entrée le 13.09.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

Gemeinsam Äntwert vun der Inneministesch, Taina Bofferding, an der Familljen- an Integratiounsministesch, Corinne Cahen, op d'parlamentaresch Fro n° 6670 vun den honorabelen Deputéierte Fred Keup a Jeff Engelen zum Sujet „Aides suite aux inondations du mois de juillet 2021"

Fir d'Äntwert op déi éischt Fro verweise mer d'Deputéiert op d'Äntwert vun der Inneministesch op d'parlamentaresch Fro n°6492 vun der honorabeler Deputéiert Carole Hartmann zum Sujet "Inondations de 2021".

672 privat Menagen hunn eng Demande fir eng finanziell Ënnerstëtzung am Kader vun den Iwwerschwemmunge vum 14. a 15. Juli 2021 beim Familljeministère agereecht. Op den 23. August 2022 goufe 635 Demanden ofgeschloss.

Op de 15. Mäerz ware 499 Dossieren ofgeschloss, esou datt säit Mëtt Mäerz weider 136 Dossiere konnten traitéiert ginn.

De Familljeministère huet am ganzen Hëllefe fir ee Montant vu 7.557.271 € un Privatleit bezuelt. Den nach ausstoende Betrag fir Privatleit kann de Familljeministère net chiffréieren, well an de 37 Dossieren, déi nach net ofgeschloss sinn, déi néideg Dokumenter feele fir den Dossier ze komplettéieren (Äntwert vun der Assurance, Preuve vun de Revenu'en oder – am Fall vu Residenze – eng Opdeelung vun de Käschten).

Lëtzebuerg, den 13/09/2022.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding